

KULTURPRÄIS 2013

ZEEN 1

- P1:** Mir huet besonnesch déi kubistesche Bühn gefall. Minimalistesche an awer pompös.
- P2:** Jo, do si bei mir Biller am Kapp entstan, vun deenen ech net wousst, datt et se iwwerhaupt géif ginn.
- P1:** D'Atmosphär ass erfrëschend. Mee ech muss awer och ganz kritesch bemierken, datt nach Potential no uewen do ass.
- P2:** Sécher, sécher. Wann ech kucke, wat een do am Ausland gebuede kritt.
- P1:** D'ass jo dann awer net London oder Paräis, mee se gi sech vill Méi.
- P2:** An dorops kënnt et jo un!
- P1:** Lëtzebuerg ass Lëtzebuerg a mir brauche Reklamm fir eis klengt Ländchen!
- P2:** Ehm, genee...
- P1:** Wann een d'Verbindlechkeet vun kulturellen Aussoen an hirer Repräsentativitéit am Verglach mat der subsidiärer Vergängelechkeet vun dem éischten Bréifwiesel tëschent dem Goethe an dem... eh, Déngens.
- P2:** Ben Becker?
- P1:** Nee deen aneren.
- P2:** Günther Grass?
- P1:** Sou ähnlech.
- P2:** Ech hunn de Goethe iwwregens als Profilbild op mengem Handy.
- P1:** D'Vermenschlechung vun der Weltliteratur duerch Trivialiséierung. Wéi postmodern!
(KM tritt op, leeft laanscht)
- P2:** So, du weess dach bestëmmt och ween dat ass!
- P1:** Wou?
- P2:** Ma do!
- P1:** Ah do, natierlech!
- P2:** Ech wosst guer net, datt déi och hei bedeelegt wor.
- P1:** Jo, wat huet si iwwerhaupt hei verluer?
- P2:** Als Direktesch kann ee sech jo awer och mol op sou enger Soirée gesi loosse.
- P1:** Direktesch? Hei vun der Symphonie? Ech duecht dat wier d'Lea Linster?
- P2:** Ahhh, jo, ehm...
- P1:** Lo ass d'Chance, sech donieft ze stellen.
- P2:** Depart a lass!
(P1 a P2 stellen sech donieft. Bleiwe mol e puer Sekonne stoen)
- P1:** Voilà... An elo?
- P2:** Ehm...
- KM:** Kann ech Iech weiderhëllef?
- P1:** Ehm, also, ech weess net, vläit, ënner Ëmstänn..... Jo!
- P2:** Madame, mir schätzen Är kënschtlerech Begabung.
- KM:** Oh Merci, ech wosst net, datt ech dofir bekannt wier. Als Kulturministesch setzen ech jo éischer hannert dem Büro!
- P1:** Kulturministesch! Ech wosst et dach!
- P2:** Du wosst et dach? ECH wosst et dach!
- P1:** Bonjour Madame, an Felicitationen zum gelongen Owend.
- KM:** Ah, dofir wo lo éischer d'Direktesch vun der Symphonie verantwortlech, mä... Villmools Merci!
- P2:** Di Musek, di Atmosphär, den Public, déi deifsneg Kostümer ...
- P1:** Den Décors, de ganze Spektakel... sou subtil, bal onbemierkbar. Einfach sensationell!
- P2:** Sou een emouvanten Concert.
- P1:**...Oper...
- P2:** Soit! Theaterstück...
- P1:** Ballet...
- P2:** Poetry-Slam.
- P1:** Wei ordinär...
- P2:** Hei wor wierklech fir jiddereen eppes dobäi.

KM: Jo, d'Symphonie organiséiert heiansdo sou Soiréeën, schued datt d'Kënschtler den Owend hu missen ofsoen.

P1: Apropos Soiréeën..., hutt dir schonn déi Schnittercher probéiert?

P2: (*mat vollem Mond*) Lo wou mer eis schonn sou gutt kennen, mir hunn eis grad gefrot, op een nach Ticketen fir déi grouss Zeremonie vum Kulturpräis 2013 kritt.

KM: Kulturpräis? Do si mer nach an den Virbereedungen...

P1: Gett et eigentlech nees ee spezielle Motto fir dëst Joer?

KM: Jo... Konscht.

P2: Konscht?

P1: Ah, Konscht, äh... Konscht--

KM: Konscht am Allgemengen.

P1: Konscht am Allgemengen?

KM: Ech géif nawell soen, Konscht am ganz Verallgemengerten.

P1: Ah jo, natierlech.

P2: Sensationell!

KM: Konscht ass eben villsäiteg. Ech hu bemierkt, datt Dir Iech auskennt, sidd dir och an deem Beräich aktiv?

P2: Dat, ehhh...

P1: Zumindest kann een soen, daat mir eis auskennen, jo...

P2: Ech mengen eis ass an deene leschten Joeren naischt entgaangen.

KM: Dir hutt also och dem Kapuzentheater seng Shakespeare-Produktioun gesinn...

P1: Selbstverständlech!

KM: Asou... wonnerbar!

P2: Vlät kënnt dir eis jo schonn e bëssi verrode ween alles nominéiert ass.

KM: Sou schlau Fiiss, wéi dir sidd, kommt dir bestëmmt selwer drop.

P1: Oh, dat, ehm...

KM: Wei eng Nimm falen Iech dann spontan an?

P2: Do ginn et sou vill Leit, dei richtig richtig gutt sinn.

P1: Sou vill gutt Leit!

KM: Wéi zum Beispill?

P1: Ehhhm... äaahhh... üuuuhhh... aaahhrrrggghhh... De Bernard Box!

(*KM fänkt un sech alles ze notéieren*)

P2: De Bernard Box, richtig! An da wir do ënnert aneren nach... d'Sophie Beck!

KM: Sophie Beck... Dat kennen ech lo net... Mee fir e Präis geet et secher duer.

P1: D'Degoûté Nosschnaps?!

P2: An d'Bastienne Kalzong

KM: ... Bastienne Kalzong, ah jo. Ma dann soen ech Iech mol Merci fir déi erfrëschend Konversatioun a wënschen Iech vill Spass beim Kultouren: Vill Spaass beim Kultouren.

P1: Mir wollten awer nach e bëssi bleiwen.

P2: Jo, vun enger klenger Konversatioun mat eiser Kulturministesch loosse mer eis just ongär ofhalen.

KM: Dohanne leeft d'Thorunn!

P1: Waaaah!

P2: Direkt hannendrun, ech brauch en Autogramm fir menger Schwéiesch hiren Hond!

ZEEN 2

(*De Sekretär ass um Telefon, PANIK*)

S: Salut... Majo ech ruffen der un, well ech mech drun erënnert hunn, dass du virun 3 Joer mol am Soff ugekënnegt has, du géifs ee Stéck schreiwen. Wat ass doraus ginn? Ass et zoufälligerweis scho fäerdeg? Ah, hmhm, an bis iwermuer gëtt dat wuel och näischt méi. Ah, zut. Sekonn, hei rifft mech grad déi Madame vum Kulturhaus zeréck... Hallo? Jo, gudden Owend, ech hat schonn ee puer mol probéiert un Iech ze kommen, des Inszenéierung, déi dir ... ah... nee, also, et misst schonn eppes sinn, wat op enger Art Bühn stattfënnt... déi hutt der ofgebaut??? Jo, ech verstinn.

(*De Sekretär ass mëttlerweil op der Bühn ukomm, d'Kulturministesch bemierkt en, de Sekretär kënnt*)

néiergeschloe bei d'KM an ass fir d'Éischt emol roueg.)

S: Madame la Ministre théâtrale du Tourisme et des Classes médiocres... Et ass fuerchtbar.

KM: Lo berouegt Iech dach mol...

S: Schrecklech, et gëtt näischt.

KM: Näischt?

S: Guer näischt, an der Saison 2013 gouf kouw hei am Land op kulturellem Niveau näischt zustan.

KM: Eieiei, eis schlëmmst Befürchtungen...

S: Vun Ettelbréck bis Esch: näischt!

KM: A Maarnesch?

S: Gehéiert net méi zu Lëtzebuerg.

KM: Kann dach net sinn, datt lo wierklech guer näischt produzéiert gouf, iergendeen Schmorri fënnt een dach wuel nach. Hat den TNL näischt?

S: Do gouf agebrach, zanter deem leeft do näischt méi!

KM: De klengen Theater?

S: Se hate Grousses fir, an hunn dunn all d'Suen fir den Import vun enger prestigiéiser Opféierung vum Broadway dropgemaach, an haten näicht méi iwwereg fir d'Techniker ze bezuelen, déi si lo am Streik. Dowéinst stoung schlussendlech dat ganz Joer just d'Revue um Programm.

KM: Maja, wonnerbar, dat kann een dach nominéieren.

S: Gouf ni opgefouert, all d'Leit aus dem Publikum si verstuerven. A kuerz drop, op de Schock, och d'Schauspiller.

KM: Wat gëtt et dann neies aus der Rockhal?

S: An d'Rockhal kënnt ee Violinist, deen d'Lidder vun Lady Gaga op senger Gei nospillen kann...

KM: Kënnt?

S: Ech wor nach net fäerdeg... net. Voilà.

KM: A wat leeft am Kino?

S: D'Reklamme mam Bernard Box a mam Marc Drollinger.

KM: Bon... Mee do get et dach esou vill aner Institutiounen... wat ass mam Kasemattentheater?

S: E Schauspiller huet sech an de Kasematten verlaf. A kënnt net méi raus. Ee chilenescht Team ass bestallt fir e erauszezéien.

KM: Wollte se am Emanzekeller net een neit Molièresstéck op d'Bühn bréngen.

S: Si wollten, mä d'Stéck wor op franséisch...

KM: An den SNJ? Deen ënnerstëtzt dach heiansdo mol kulturell Projeeën.

S: Jo, mä si si säit 12 Méint am Congé. An hir Hënn hunn hir Agendae gefriess.

KM: Den Theater zu Esch?

S: Do ass lo ee Bio-Buttek dran.

KM: Literatur?

S: De Luc Spada huet e Buch geschriwwen.

KM: Literatur, keng Pixie-Bicher.

S: Asou... näischt, zanter deems Dir de Guy Rewenig an den Exil geschéckt hutt.

KM: Keng Kultur am ganze Land? Dat heescht mir hunn déi Séibühn fir näischt gebaut?

S: Séibühn? Mir hunn eng Séibühn?

KM: Jo, mir hunn eng Séibühn! Ob dat iwwerhaupt stabil ass? Wann do vill Wand ass, besteet do net d'Gefor, datt de ganzen Spektakel net fortflitt, ehm, ... schwëmmt?

S: Madame, bei all Respekt, soulaang am ganze Land keen eenzege Spektakel stattfënnt, bräuche mer eis doriwwer keng Gedanken ze maachen.

KM: Richteg!

S: Ech hunn och an de Konschtgalerien ugeruff, mee et gouf och am ganze Land anscheinend näischt gemoolt, mol net an der Spillschoul.

KM: An deng Duechter, huet hat näischt gemoolt?

S: Meng Duechter ass e Bouf, an dee spillt Fussball. Ass jo net schwul.

KM: Wou mer grad bei Kanner sinn, do gëtt et dach dee kathoulesche Scoutclub...

S: Richtung22?

KM: Déi maachen dach Filmer an Theaterstécker, oder?

S: Jo, mä dat sinn déi läscht Amateuren. Technesch klappt näischt, inhaltlech och net, an organisatoresch... Se hunn eréischt virun 10 Deeg d'Stéck geschriwwen.

KM: Dat erkläert viles.

S: Hir Filmer ginn an eise Prisonge mëttlerweil als Foltermëttel benotzt.

KM: Dat fällt net wierklech ënnert de Beräich Kultur.

S: Mee bon, ëmmerhinn si si déi eenzeg, déi hei am Land eppes geschafft hunn. Ech weess einfach net méi wat mer maache sollen. Ech fille mech latzeg, wéi wann ech meng ganz Essenz verluer hätt, richtig depriméiert.

KM: Jejeje.

S: Wann dat raus kennt, si mer verluer, d'Kultur ass um Enn, dat ass e Skandal, meng Handysrechnung.
(*De KM gëtt him eng ferm op de Bak*)

KM: Lo fänk mol net direkt u mat pinschen. Mir musse systematesch virgoen! Den Termin steet scho fest an mir brauchen onbedéngt e Plang. Fir d'éischt hëls du dir mol en Rendez-vous bäi engem Spezialist, dee bréngt der Autogenes Training bäi an dann hëls der Medikamenter an. No deene Medikamenter, gesäis de d'Welt ganz anescht. Do kriss de dann deen néidege Kick fir di nächst Wochen! E Skandal gëtt et eréischt duerch d'Kritik vun der Press.

S: Näischt, d'Press huet och näischt geschriwwen, nääääääiiiiischt, buhuhuuuu. Net emol d'Josée Hansen huet sech iwwert iergendeppes fatzeg opgereegt buhuhuhuuuu. Do kënne mer och keen nominéieren.

KM: Mee dat heescht... déi hu sech lo och net beschwéiert oder sou? Ass do kengem iergengewéi eppes opgefall?

S: Nee...?

KM: Mee Moment, dengst du och, wat ech grad denken?

S: Selbstmord? D'Pirate wielen?

KM: D'Press huet näischt geschriwwen?

S: Nee.

KM: A kengem Artikel gouf erwient, datt hei am Land an der läschter Saison keng Kultur stattfonnt huet?

S: Nee.

KM: Et ass nach kengem hei am Land opgefall, datt hei glat a guer näischt gelaf ass?

S: Nee!

KM: Dat heescht: D'Kulturpublikum besteet aus ignorante, grenzdebille Vollidioten?

S: Jo! Also, (*zum Publikum*) Dir sidd natierlech eng Äusnahm.

KM: Zumindest hunn ech lo grad nach mat zwee Abonnente geschwat, déi en plus nach dovunner ausgaangen sinn, datt si kee Stéck des Saison verpasst hätten.

S: Hu se jo och net.

KM: Ehm jo, mee waat ech soe wollt ass: wa mir déi richtig Leit nominéieren, ass all Mënsch zefridden a kee stellt Froen.

S: Mä wann dat erauskënnt?

KM: Dat kënnt net raus!

S: Firwat?

KM: Dofir!

S: Asou. Stëmmt. Mä wee solle mer dann nominéieren?

KM: (*hell den Ziedel vun virdrun raus*): Hei hues de e puer Nimm. Dat misst klappen.

S: (*kuckt d'Lescht duerch*) Ma wann et keng aner Méiglechkeet gëtt, dann mussen mer dat jo bal sou maachen.

KM: Dann hues du schonn d'Éier bäi d'Jury ze goen an hinnen d'Lëscht vun den Nominatiounen ofzeginn. An iwwregens...

S: Jo?

KM: Vergiess net ze otmen!

ZEEN 3

DS: Häerzlech wëllkomm bei eiser éischter Juryssëtzung fir de Kulturpräis 2013. Ech hoffe mer kréien et dëst Joer an enger Kéier iwwert d'Bühn, an ech hoffen et gëtt net rëm sou ee Spillschoulszodi wéi d'läscht Joer! Als musikaleschen Direkter vun de Lëtzebuerger Symphoniker wënschen ech mer, datt alles ziviliséiert, a mat vill Harmonie oflafe wäert. Hehe, verstitt der? "vill Harmonie"!

KL: Da maach mol virun.

DS: Ehm, jo... Ech hunn hei d'Lëscht mat den Nominéierungen. D'Kategorie si wéi all Joer: "Beschten

Newcomer", "Pädagogesch am Wäertvollsten", "wee sech am Meeschte Méi ginn huet", souwéi "Bescht Gebai". An nominéiert sinn... oho... an alle Kategorien: D'Sophie Beck, d'Dégouté Nosschnaps, d'Bastienne Kalzong an de Bernard Box.

TNGV: Moment! Och an der Kategorie "Bescht Gebai"?

DS: Ehm... jo, sou gesait et aus.

PW: Dat doten ass jo nees eng Kéier typesch. Auteurs, Schauspiller a Museker. Déi bildend Konscht gëtt alt nees eng Kéier komplett lénks leie gelooss.

KL: Also, ech huelen u mir maachen et wéi all Joer, mir deelen d'Kategorien ënnerteneen op, a jiddereen iwwerrecht dann de Präis an där Kategorie u säi Favorit?

DS: Ech hat mer éischer iwwerluecht, mer kéinten dëst Joer probéieren duerch seriö Diskussiounen ee Konsens ze fannen, wee wéiee Präis am Meeschte verdéngt huet...

(Kuerz Paus. Da laacht jidderee sech vreckt.)

KL: Haha, deen do wor wierklech net schlecht.

DS: D'Wuert huet de Potsdam Whisky fir en eischten Plädoyer!

PW: Ech wéilt am Léifsten de Präis fir de Beschten Newcomer iwwerreechen, wa scho kee vu menge Kollegen nominéiert ass.

TNGV: Moment! Mir kënnen hei net ignoréieren, datt de Bernard Box, een Urgesteen vum Lëtzebuurger Theater nominéiert ass, an dat mat aller Wahrscheinlechkeet fir d'Lescht a sengem Liewen. Hien huet mäin Theater a senge schwierigen Urspréng am Meeschten ënnerstëtzt. Dofir géif ech dee wichtigste Präis, also den Newcomer vum Joer, am léifsten un hien iwwerreechen. Dat läit mer um Häerz, dir verstitt.

DS: E Merci der Intendantin vum Théâtre nationaliste de la Grandville, mee am eescht: de Bernard ass iwwer 90 Joer al. Als Newcomer geet hie lo och net méi duerch.

TNGV: Hien ass iwwer 90 Joer al, an trotzdem jonk bliwwen.

DS: Jo, d'Madame vum Letz. Ländchen?

KL: De Präiss wir dach besser an den Hänn vun eng jonker, engagéierter Kënschtlerin. D'Sophie Beck huet a menger Zeitung net nëmme seng literaresch, mä och seng journalistesch Kapazitéiten ënner Beweis gestallt.

PW: Journalismus ass eppes aneres wéi Konscht! Dat géift Dir wësse, wann Dir schonn eng Kéier a menger Galerie gewiescht wiert. Mä dat wart der jo net. Dat wor kee vun Iech. Dowéinst gesinn ech mech als eenzege berechtigt fir de Präis an dëser Kategorie z'iwwerreechen.

TNGV: Déi Argumentatioun liicht net wierklech an.

PW: Konscht ass net nëmme produzéieren, mä och konsuméieren. An déi eenzeg Persoun ënnert den Nominéierten, déi d'läscht Joer eng Kéier a meng Galerie koom, wor d'Dégouté Nosschnaps, dofir sinn ech der Iwwerzeegung, datt de Beschten Newcomer muss un hatt iwwerrecht ginn. Hat ass jo ëmmerhinn... neierdengs... a meng Galerie... komm. Neierdengs komm. Eng Newcomerin!

KL: Wat mécht hatt dann an denger Galerie?

PW: Et hat dobausse gereent.

DS: Dee Moment wor et jo éischer d'Gebai, dat et iwwerzeegt huet, an net d'Konscht, déi s du ausstells. Ech schloe vir, du këmmers dech dann emol ëm d'Kategorie vum "beschte Gebai". *(Zoustemmung vun de Jurysmemberen)*

PW: Zut, ech a meng grouss Schnëss.

DS: Mä loosst eis w.e.g. net d'Bastienne Kalzong aus den Ae verléieren. Eng grouss Kënschtlerin, déi eis iwwert eng laang Zäit international representéiert huet.

TNGV: Och net grad eng Newcomerin.

DS: D'Bastienne wor zweemol beim Grand-Prix Eurovision de la Chanson dobäi.

KL: An huet säitdeem näischt erwienenswäertes méi geleescht.

DS: Hatt gëtt Coursen am Conservatoire.

KL: A wat huet dat mat Kultur ze dinn?

DS: Ech versécheren Iech, hatt ass mat Ofstand dat wat sech am Meeschte Méi ginn huet... Schäiss!

TNGV: Wonnerbar. An domat kemmers du dech em de Präis fir deen, deen sech am meeschte Méih ginn huet. Bleiwen eis nach d'Kategorie "Pädagogesch am Wäertvollsten" a selbstverständlech de "Beschten Newcomer".

PW: Bon, musse mer lo weider diskutéiere bis ee sech verplappert?

KL: Nee, verplapperen géif ech et net nennen: dem Sophie Beck säi Stil ass kontrovers a gëtt net vu jidderengem verstan. Daat ass eng eigenschafft déi an der Kultur extreem wertvoll ass: Hien ass definitiv

den Newcomer vum Joer.

TNGV: De Bernard Box huet d'Kulturpublikum vun dësem Land säit Joerzénge begeeschert, hie verdéngt dee Präis méi wéi all aneren.

KL: Ech gesinn de Präis léiwer an den Hänn vun enger Persoun, déi sech nach e puer Méint driwwer freeë kann, an nach genuch Kraaft an den Hänn huet fir e festzehalen.

TNGV: D'Sophie Beck ass an zwee Joer vergiess.

KL: De Bernard Box HUET de Präis zwou Stonnen no der Iwwerreechung vergiess.

DS: Hei, lo fänkt net rëm un...

TNGV: Woumat hätt d'Sophie Beck dee Präis da verdéngt? Woumat?

DS: Ma! Maaaa.... Mir kënnen och einfach Schnick-Schnack-Schnuck spillen.

KL: W.e.g.! Mir entscheden hei iwwer wichteg Saachen... Okay

(Si spillen eng Ronn. KL gewënnt.)

KL: Yes!

TNGV: Moment, et muss een dräimol gewannen.

(Si spillen nach zwou Ronnen, d'TNGV gewënnt.)

TNGV: A gewonn.

KL: Merde.

DS: Voilà, domat hätte mer dann entsched, ween a wéi enger Kategorie wäert ausgezeechent ginn. Ech freeë mech, datt mer dëst Joer alt rëm eng Kéier bewisen hunn, datt et bei dësem Präis just ëm Kultur geet, an net - wéi eis oft ënnerstallt gëtt - ëm pur Vetterwirtschaft. Ech soen Iech Äddi a Merci a bis zur Präisiwwerreechung: Äddi a Merci a bis zur Präisiwwerreechung. Potsi, alles an der Rei?

(Aus dem PW sengem Mond leeft blo Faarf)

PW: Ech hunn op mäi Bic gebass.

KL: Potsi, du Ruppjhang!

PW: Moment! *(Hie verreift d'Faarf op deem Blat, dat virun him läit.)* Dat ass Konscht.

(Déi aner Jurysmembere stinn op, réckele méi no bei d'Blat vir et ze gesinn.)

ALL JURYSMEMBERE: Wow!

ZEEN 4

Um rouden Teppich. Déi Nominéiert an d'Jurysmembere kommen eran an versichen sech méiglechst gutt ze präsentéieren aus dem Publikum gi Photoen gemeet.

J2: Madame Minister, Madame Minister!

J1: E kuerzen Interview!

KM: Ech freeë mech Iech de Moderator vum Kulturpräis 2013 virstellen ze dierfen: De Menny Minella. De Choix fir dëse kompetente Kandidat ass dëst Joer immens schnell gefall, well e sämtlech Erwaardunge vum Kulturpublikum erfëllt: sportlech, athletesch, räich, berühmt, schwul. Konscht am Allgemengen eben. Bei esou wichtigen Event esou eng droend Roll spillen ze kënnen wënscht hie sech scho säit laangem, an erfëllt sech heimat ee Kandheitsdram. Mä dat kann hie wuel selwer bestätegen.

MM: Bei esou engem wichtigen Event esou eng droend Roll Spillen ze kënnen wënschen ech mir scho säit laangem, an ech erfëlle mir heimat ee Kandheitsdram.

J1: Madame Kulturminister, Här Sekretär: Firwat moderéiert ausgerechent een Tennis-Star dat wichtigst kulturell Événement vum Joer?

S: Also, ech mengen dir hutt do eppes falsch verstan. An der Kultur zielt net d'Fro: "Firwat?", mä "Firwat net?". An? Kënnt dir dës Fro beäntweren? Nee? Gesitt der!

J2: Eng Fro direkt un de Menny Minella: Mir kennen Iech jo éischerter vum Terrain. Mä wat ass Är "kulturell Identitéit"? Wat huet Iech kulturell am Meeschte geprägt an Ärem Liewen?

MM: Jo, also ech hunn do mol ee Film...

J2: Ween ass äre Lieblingskënschtler?

MM: Schlecker.

J2: Déi sinn dach faillite.

KM: Hie mengt natierlech den Andy Schleck.

S: Bei all de Kënschtler ronderëm hie gëtt hie verständlecherweis e bëssi duercherneen.

MM: Ech wor awer no drun!

J3: Well meng Kollege sech évidemment nëmme mat Niewesächlechkeeten ofginn, wéilt ech gär mol méi inhaltlech Froe stellen: Wat wäert et z'iessen ginn?

S: Eng ganz intelligent a sensibel Fro. Well am Fong heescht et jo soss näischt wéi: Kann ee Kultur iessen? An dorops kann ech just äntwerten: Firwat net?

J1: Madame Minister, wat sinn Är perséinlech Favorite fir dës Präsiwwerreechung?

KM: Meng Favorite bestëmmen ech nom Motto vun dësem Joer. "Konscht am Allgemengen" oder "am Verallgemengerten." Ech kann dowéinst hei och just ganz allgemeng Informatiounen ginn, et soll jo eng Iwwerraschung sinn.

S: Eis Favoritte sinn d'Gewënner an d'Gewënner sinn eis Favoriten. Dat wor nach ëmmer déi offiziell Positioun vum Ministère théâtral du Tourisme et des Classes médiocres.

J2: Wat kënnt dir eis iwwert d'Jury soen: Wee sinn d'Memberen, an no wéi enge Critère ginn d'Präisser iwwerrecht.

S: Natierlech no kulturelle Kritèren. Dat gesi mer och scho bei de Präiss-Kategorien: „Wee sech am meeschte Méih ginn huet“ oder „Beschit Gebai“: mir schaffen hei mat abstrakte Konzepter vun der moderner Konscht, déi mer dem Kulturpublikum op spilleresch Art a Weis méi no brénge wëllen. Garantéiert gëtt dat virun allem vun eisem fiffege Moderator.

J3: Geet deen néidegen Usproch vun enger Kulturpräis-Iwwerreechung net erof, wann een Tennisspiller d'Moderatioun iwwerhëlt?

KM: Dat ass Diskriminéierung.

S: Diskriminéierung vun... vun... Tennisspiller!

KM: Schumme sollt der Iech.

S: Mir maachen alles, fir den Horizont vun eise Spectateuren z'erweideren. Mir wëlle Grenzen iwwerschreiden, innovativ sinn. An dat ass den Dank!

KM: Dir gehéiert bestëmmt och zu deene Reaktionären, déi sech dofir asetzen, datt Schwuler keng Kanner kafen dierfen!

MM: Ech wollt nach mol Betounen, datt ech net just hei sinn, well ech schwul sinn

S: Ehm, u sech...

MM: Mee dat ech a menger Karriär och selwer Kreativitéit bewisen hunn... Beim Ausféiere vum Opschlag, beim Opbau vum Netz, beim Asammele vun de Bäll. Et gëtt eben vill Zorte vu Kënschtler. Ee Sportkënschtler eben. D'Leit wësse wat se u mir hunn. Ech brénge jo och nei Leit bei sou eng Veranstaltung, meng Fans...

KM: Jo, de kulturellen Interessi am Vollek wiisst, an d'Tickete si bal ausverkaaft. Dir musst Iech also tommele, wann der wëllt eng Plaatz hunn, fir dëse groussen Event live verfollegen ze kënnen!

J1: Ech wëll nach eng Kéier kuerz op d'"Kultur am Allgemengen" zeréckkommen: Et gëtt gemunkelt, datt dëst Joer erstaunlech wéineg Kultur am Land produzéiert ginn ass. Muss do vu politescher Säit net méi gemaach ginn? Wat ass schiefgelaf.

KM: Dat stëmmt net. Natierlech gehéiert Kultur zum Alldag. Denkt nëmme un Äre Bofrost-Liferant. Dee mécht jo och all Dag mat sengem Camion eng cool Tour.

S: Et ass natierlech ëmmer liicht, eis als inkompetent Idioten mat schlechte Wuertspiller duerzestellen. D'Leit wëlle jo ëmmer eppes kritiséieren, dofir gi se jo och bezuelt. Mä dir hutt keng Iddi, a wéi engem Dilemma mir woren, bei deem risege Choix vu Kënschtler hei am Land, vu gudde Kënschtler. D'Land ass voller Kënschtler, all Bierger gehéiert dozou, jiddereen ass e Kënschtler. Dat also déi knaschteg Rumeure betrëfft, kann ech just soen: Et gesäit ee vu lauter Bësch de Bam net méi.

J2: Wéi vill Gäscht ginn erwaart?

S: Mir musse lo leider och fort. Ech soen Iech villmools Merci: Villmools Merci.

KM: Et gëtt nach vill virzubereeden, an d'Zäit leeft eis fort

J1: Nach ee läschte Statement vum Menny Minella?

TS: *(werft Kuschhänn, gëtt vum S a vun der KM ewechgezunn):* Ciao!

Den rouden Teppich gëtt iwwerdriwwen opwenneg gestaubsaugt. Eng Botzfra huet domat ze kämpfen, datt hire Staubsauger-Kabel ze kuerz ass.

KM: Sou, d'10 Minutte Paus si riwwer. *(kuckt an den Auditoire)* An d'Leit sinn och schonn do! Dann kann déi grouss Präsiwwerreechung lass goen.

ZEEN 5:

KM: Dir Dammen an dir Hären, léif Kulturfrënn. Häerzlech Wëllkomm beim Lëtzebuerger Kulturpräis 2013. Ech hunn di grouss Eier Iech all dësen Owend begréissen ze dierfen.

(Paus)

Kultur... *(Paus)*... Präis. Dat ass jo u sech ee Widdersproch, well Kultur huet u sech jo kee Präis. Bon, dir hutt hei 20€ fir den Entrée bezuelt, mä ech mengen dat lo am metaphysesche Sënn.

Et wäert e speziellen Owend ginn, deem vill Leit, sou wéi ech, voller Erwaardung entgéintgekuckt hunn. En Owend voller Spannung an Geheimnisser. En Owend gefëllt mat Musek, Schauspill a Literatur.

PW: A bildender Konscht!

KM: An déi bildend Konscht däerf natierlech och net vergiess ginn... *(Paus)* Wee soll een do nominéieren? Et wor am Ufank ganz schwéier d'Kandidaten ze fannen. Mä no laangem Sichen, ehm, no laangen Diskussiounen hu mer 4 Stéck fonnt, déi dëse Präiss ouni Zweiwel verdéngt hunn. Als Schirmherrin läit Kultur mir ganz speziell um Häerz. Mee wat ass iwwerhaupt Kultur? Kultur ka kleng sinn, Kultur ka grouss sinn. Kultur ka schéi sinn, Kultur kann elle sinn. Kultur ka provokant sinn. Kultur ka pädagogesch sinn. Kultur kann alles sinn, an nach vill méi! D'Kultur soll Iech verzaubern an Iech an eng aner Welt entfëieren. Mee Konscht fënnt een net nëmmen am Musée, mee och am Alldag. Konscht fänkt schonn u wa mer moies eisen Kaffi drénken an eis Zeitung lesen. A jiddereen vun eis ass e gebuerenen Kënschtler. All Kënschtler soll d'Recht hunn sech z'entfalten. An domat ginn ech d'Wuert weider un eise Charmante Moderator, de Menny Minella, deen Iech duerch dësen Owend begleet wäert. Ech wënschen Iech e schéinen Owend, deen Iech iwwerengs présentéiert gëtt vum Ministère théâtrale du Tourisme et des Classes médiocres, vun der BIL, der BGL, der SPUERKEESS, der RAIFFEISEKEESS, ROSPORT a LUXLAIT.

(Applaus. Den Tennisspiller kennt mat senger Raquette op d'Bühn an modéréiert d>Show. En huet keng Hemmungen seng 'nature artistique et sexuelle' z'expriméieren.)

MM: Bienvenue à la remise du prix culturel 2013. Ich heisse Sie Herzlich Willkommen zum Luxemburger Kulturpreis 2013. Welcome to the Culture Award Luxembourg 2013.

PW: Schwätzt Lëtzebuergesch!

MM: Ehm... jo. Gudden Owend alleguer. Fir Iech net laang opzehale fänke mer schonn direkt mam éischte Präis un, an der Kategorie "Pädagogesch am wäertvollsten". Do hu mer d'Madame Dorothée Hänschen-Klein, Kulturrédactrice vum "Le Pays", ageluede fir d'Laudatio ze halen.

(Applaus.)

KL: Gudden Owend. Pädagogik gëtt am Kultursecteur oft net wierklech eescht geholl. Dat muss sech änneren! Verstitt mech net falsch, Schoulausflich an d'Symphonie oder an de Musée, Kannertheaterstécker an Operen, interesséiere mech genee sou wéineg wéi Iech. Mä jiddereen dee Kanner huet weess, wéi schéin et ass... déi kleng Sténkerten e puer Stonne lass ze sinn. Mä net nëmme bei deene klenge Kanner ass Pädagogik wichteg. Well wann d'Kanner bis e gewëssen Alter hunn, ass et wichteg, datt Kënschtler do sinn, déi et fäerdegränge si fir d'Kultur ze begeeschten. A vläit ass dann deen een oder deen aneren un enger Aarbecht am Secteur interesséiert. An déi Leit gi gebräucht! D'Lescht huet mer en Direkter vun engem Stater Theater nach erzielt, wéi schwéier et ass, Leit ze fannen, déi prett sinn, sech während engem Spektakel eng bis zwou Stonnen an d'Garderobe ze stellen. Dat gëtt gär vergiess, mä och déi Aarbecht muss gemaach ginn. Bei sou engem Job léieren déi Jonk natierlech immens vill bäi. Ëmmerhinn kréie si jo ee groussen Deel vun de Publikumsreaktiounen mat, a sammelen doduerch wäertvoll Erfahrungs an der Dramaturgie. Dëst Joer geet dëse Präis un eng Poetin déi hei am Land an och an Däitschland op immens vill Succès gestouss ass. Hatt huet zwee Bicher bäi engem lëtzebuerger Verlag erausbruecht an huet eng Rei Artikele fir meng Zeitung geschriwwen. Ech sinn em nach ni sou begéint, a freeë mech immens, hatt haut den Owend kennenzelëiere, well wann een séng Bicher liest... taucht een an, an eng Welt voller Wieder... an... an... dat ass schéin. Häerzleche Gléckwonsch, Sophie Beck!

(Applaus. D'Sophie Beck kennt op d'Bühn an d'Kulturrédactrice ass irritéiert. Si kuckt op hirer Kaart puer mol no ob si eppes Falsches gesot huet.)

KL: Entschëllegt, sidd dir d'Sophie Beck?

SB: Eum, jo. "DE" Sophie Beck. Ech maache mir d'Welt, wéisewéisewéise mir gefält. Ech sinn de Präis, ech sinn d'Zukunft.

KR: Vue dat et sech em en kulturellen Owend handelt, géif ech Iech proposéieren eisem léiwe Public vläicht en onverëffentlecht Gedicht virzeliesen. Mir si jo ënnert eis.

SB: Ech hunn zwar elo keen Gedicht parat, mee mat en bëssen Improvisatioun kréien ech da hin. An ech bräicht vläicht en Hocker (*de MM geet schnell en Hocker sichen*) an e bëssi Luucht hei vir (*SB un den Lichttechniker*), jo ech schwätzen mat Iech. Kennt der mer en bessen Atmosphär schaffen. Merci, perfekt!

MM: Meng Dammen an Hären, dat wär dann schonn deen éischte Showact, en onverëffentlecht Gedicht vum Sophie Beck ganz live! Applaus!

(Applaus)

SB: Das Leben ist wie ein Leben.

Das Leben ist wie eine Hose

ich zieh sie an

Fühl mich wohl

Ich lebe sie.

Ich spüre sie. Sie ist an mir

Sie sitzt an mir, sie klebt an mir.

Ich fühle sie. Du fühlst mich, sage ich ihr.

Ich fühl dich.

(Applaus. D'Sophie Beck kritt vum Public en Petzi an eng Rous.)

MM: An elo geet et spannend weider. Di nächst Kategorie ass: "Wee sech am meeschte Méi ginn huet". D' Laudatio gött vum Direkter vum Orchestre Symphonique du Luxembourg iwwerholl.

DS: Gudden Owend. Ech hunn déi grouss Eier, Iech haut den Owend deen neiste Produit aus eisem Haus, der Symphonie virstellen ze kënnen: De symPHONE. Dat ass natierlech net einfach just en Telefon mat enger SIM-Kaart, mä dohanner verstoppt sech ee weidert schlecht Wuertspill, vun deenen dësen Owend jo anscheinend nëmme sou wimmelt. Mee loosst mech Iech erkläre wéi dat Denge funktionnéiert. Also hei ass d'Gerät an hei hu mer d'Kopfhörer. Hei hu mer den Hörer fir dat rietst Ouer an den Hörer fir dat lenkst Ouer. Et stecht een den Kabel, deen sech am Schluss vum Kopfhörer befënnt an dat Lach, dat ganz lenks vum Gerät ass an ...

(KM ennerbriecht hie ganz flüsternd)

Jo, ech muss dat erklären, dat ass ganz nei, an d'Leit kennen dat bestëmmt nach net. Dann huelen mer de symPHONE an de Grapp an do gesi mer eng Scheif. Di Scheif ass ganz wichteg well domadder kann een dréinen. Mir hunn dann den Menü, et dréint een dann sou weider bis een säi Lidd fonnt huet. Op dem Bildschirm geet et dann ëmmer erop an erof. An dann hei ass fir 'Play', do gett dann d'Lidd gespilt an riets oder lènks kann virun oder zrëckgoen.

KM: Jo, dat get secher nächst Joer fir den Kulturpräiss nominéiert.

DS: Sou elo drécken ech op Play. (Hält den Kopfhörer un den Public) Héiert Dir eppes?

(et héiert een dem DS séng Stëmm iwwer Lautsprecher) An de Kulturpräis 2013 an der Kategorie "Wie sech am Meeschte Méi ginn huet" geet un d'Bastienne Kalzong!

(BK kënnt mat senger Trompett op d'Bühn, spillt nëmme schäiss)

DS: An natierlech kritt en als Cadeau och nach de symPHONE mat op de Wee. Ech wënschen Iech vill

Spaass domat!

MM: Ma wonnerbar, do hate mer elo en bösse Musek. E musikaleschen Amuse-Bouche fir eis Nolauschterer. Di nächst Kategorie ass : d'Bescht Gebai. Ech ginn d'Wuert weider un den Här Potsdam-Whiskey, ee grouse Lëtzebuerger Kënschtler an Direkter vun der Galerie Potsdam-Whiskey.

PW: Villmools Merci. Déi bildend Konscht, dir Dammen an dir Hären, déi bildend Konscht. Wéi ëmmer gëtt se bei esou enger Veranstaltung komplett vernoléisseg. Duerch grav Mësstänn am Ministère, an duerch déi impertinent Infantilitéit vu menge Kollegen an der Jury...

KL: Pack dech!

DS: Verdeel däi Präis!

PW: ... muss ech dëst Joer dann eben de Präis fir dat "Bescht Gebai" un eng Persoun iwwerreechen, där hire Besuch zu deem Gebai an dräi Wieder erkläert ass: Si wor dran. Fir datt déi bildend Konscht hei awer net total ënnergeet, hunn ech mech dozou entschloss, virun der Präisiwwerreechung ee klengt Bildchen ze molen.

MM: Woubäi mer da wuel bei eisem zweete Showact ukomm wieren.

(De PW kritt eng Leinwand a Faarwe rabruecht. Hien zappt eng Zännbiischt an d'Faarf a schmiert se iwwert d'Leinwand. Hien dréckt sech eng Tube Faarf am Mond aus a spaizt se op d'Leinwand. Hie leet d'Leinwand op de Buedem, dréint sech mam Reck zum Publikum, mecht säi Stall op, urinéiert op d'Leinwand. Da mecht e säi Stall neess zou, hieft d'Bild op a weist et dem Publikum.)

PW: Voilà, fir déi, déi méi wäit hanne setzen eng kuerz Erklärung. Dat hei ass e Portrait, an zwar vun der Gewënnerin vun der Kategorie "Bescht Gebai". D'Dégouté Nosschnaps. Félicitatiounen!

DN: Villmools Merci. Ech wor laang am Äusland. Trotzdeem fillen ech mech an der Lëtzebuerger Kulturszeen ganz wuel, a si geéiert dee Präis entgéintheelen ze dierfen. Ech weess guer net wat ech heizou nach soe soll... Äusser datt déi éischt Staffel vun eiser beléiftener Lëtzebuerger Sitcom WEEMSEESDET vun engem däitsche Sender opkaaft gouf. Se wäert do ab Oktober äusgestrahlt ginn, ënnert dem daitschen Titel "Weem sägst du es"! Villmools Merci!

PUBLIKUMSMEMBER: Dégouté ech hunn dech gär!

DN: *(Kräischt weider mee aus Freed)*

(Applaus.)

TS: Ooh, wat en emotionalen Moment an der Kulturgeschicht an Letzebuerg. Dégouté huet et gepackt letzebuergesch Geschicht ze schreiwen. Eier et mat der Iwwerreechung weidergeet, hun mer fir Iech en ganz speziellen Showact virbereed. Léiwen Public, halt Iech un ären Platzen un, et get en bessen haard elo! Läit mat schwachen Nerven sin gebieden fir 5 Min erauszegoen. D'Sophie Beck wäert Iech während där Zäit mat hiren Gedichter ennerhalen.

SHOW-ACT - DÄNZERIN

SZENE 6

MM: Mir gëtt grad matgedeelt, dat et eng onerwaarten nei Kategorie gëtt, ech bieden dofir nach eng Kéier d'Kulturministesche un de Mikro.

KM: Konscht, dat ass och Innovatioun, Spannung an Iwwerraschung. Matt der Hëllef vu Sponsoren aus der Privatwirtschaft ass et eis méiglech, lo deen innovativste Präis z'iwwerreechen. Am Géigesatz zu deene Leit, déi sech e Präis verdéngt hunn, hu mer dëst Joer och ee spontane Präis. Firwat? Firwat net?

(e Spot geet am Public un, op eng Persoun)

Applaus vir de Gewënner vum spontanen Kulturpräis 2013! Kommt w.e.g. Rop op d'Bühn Iech Äre Präis oofhuelen. Super, wierklech grandios, jojo. An sidd der iwwerrascht? Mir och, soss wier et jo net spontan, gell Dir?! Weider sou an nach eng erfollegräich Carrière!

MM: An domat si mer bei der leschter Kategorie fir haut den Owend.

(D'Luucht geet aus, Donner a Blätz, een grujelegt Laachen, KM, MM erfëiere sech. Et taucht eng verhaange, schwaarz Figur op)

MM: Wat ass lass, wat ass dat? WEEN ass dat?

KM: Oh Gott, dat ass den Zwerg Tomat, mir hu vergiess hien ze nominéieren. Lo ass en ultra rosen!

MM: Uah.

ZT: Ech gouf net nominéiert / Wéi sech dat dach gehéiert / Dir sitt jo wuel gestéiert / Lo gitt dir mol beléiert.

KM: Mee leiwen Zwerg Tomat, dir hutt dach och näischt substantielles zur Kultur lescht Joer beigedroen...

ZT: Der Ministesch, där ass meng Aarbecht ni genuch / Mä wéi alleguer déi aner wëll ech och mäi Stéck vum Kuch / Geschafft hunn déi jo och näischt, dat ass alles just Bedruch / Dofir klauen ech mir lo dee Präis oder ech stierwe beim Versuch!

KM: Wei, Bedruch? Wat mengt dir domat.

ZT: Dir toperten dir halt mech wuel net fir immens hell / Kéiren alles ënnert den Teppech, a leeë sech dann an d'Fotell / Mä do sitt Dir beim Falsche, well ech soen Iech ganz schnell / Ech duerchkucken alles, well ech sinn ee Rebell.

KM: Ah, oh nee, erbaarmen! An haalt op mat Rappen! Dat ass jo net auszehalen!

ZT: Ze spéit, ech verfluchen Iech an déi ganz Kulturlandschaft! 100 Joer laang wäert dir schlofen an et wäert eng riseg Rousenheck iwwert Iech wuessen, bis zu deem Daag, un deem ech zu enger gudder Auerzäit um Terre Rouge spillen däerf, Hahahahahahaha...

(den Zwerg Tomat verschwënnt, Luucht wiesselt)

MM: Wat mengt hien mat „Geschafft hunn déi jo näischt“...?

KM: *(erhell sech vum Schock)* Sief roueg. An lo moderéier weider wei wann naicht geschitt wier!

MM: An domat si mer bei der leschter Kategorie fir haut den Owend, gläichzäitig och mat dei prestigiéisten Kategorie: Den Newcomer vum Joer. An ween kéint dese Präis besser virstellen wéi déi Persoun, déi hei am Land am bekanntesten dofir ass op d'Jugend ze setzen an se ze förderen wou et nëmme geet: Als Laudatorin ruffen ech d'Intendantin vum theatre nationaliste de la Grandeville op d'Bühn.

TI: Den Newcomer vum Joer, ass ee Präis deen Generatiouneniwwergreifend fir Begeeschterung suergt. Laang hu mer an der Jury verhandelt a gestriden, d'Lescht mat de Nominéierten weist sou qualitativ héichwärtig Kënschtler op, wei a kengem Joer virdrun. Nominéiert an der Kategorie beschten Newcomer sinn: De Bernard Box, d'Bastienne Kalzong, d'Degouté Nossschnaps an d'Sophie Beck. Weieng Kritären zielen, fir den Newcomer vum Joer 2013 gi ze kënnen? En Newcomer ass een, deen mir an eis helleg Kënschtler-Communautéit geholl hunn fir weiderhin jonk, dynamesch an talentéiert sinn ze kënnen.

Kee Wonner, dat den Newcomer vum Joer keen aneren ass wei *(mëcht d'Enveloppe op)* Den Bernard Box. Keen aneren huet schon souvill Joer noeneen konstant Newscomer-Qualitéiten opweises. Applaus. *(Bernard Box kennt op d'Bühn)*

BB: Merci. Oh, wat ee schéine Präis. Villmols Merci. Sou, ech halen dann lo mol eng Ried, gell?

TI: Jo genee.

DN: Wat? Dee lieft nach? Ech muss eng Doku iwwert deen dréinen!

BB: Hm. Dir wäert laachen, mee ech ka mech fir d'baschten net drun erënnere, wat ech dat lescht Joer iwwer gespilt hunn, fir dat ech de Präis verdéngt hätt. Dat ass schon eng bosseg Situatioun, dat lait wuel um Alter. Wat well een vun engem 96-Jäeregen och erwaarden, do ass d'Gehir iergendwann Kachkéis. Gitt mer ee Moment, ech kommen bestëmmt geschwënn nees op den Numm vun deem Stéck, fir dat dese Präis sécherlech geduecht wor. Ehm... Lëschtgerweis sinn ech lo dovunner ausgaangen, dat ech schonn déi lescht Joer iwwer an der Fondatioun Pescatore wunnen... Jejeje, ech erënnere mech drun. *(Zur Intendantin)* Francine, da looss mech net hei sou stoen, hëllef mol ee bëssi mat.

TI: Majo, ech si grad och um sichen... Komesch...

KM: Ech mengen do lo eenzel Stecker opzegräifen wier klengkaréiert.

BB: Dat ass awer wichteg, net dat ech lo wéinst enger Reklamm nominéiert gouf.

KM: Mir klären dat am beschten no der Show...

TI: Entschëllegt, dat ech mech lo amëschen, mä loosst den Bernard Box dach mol ausschwätzen

KM: Zut!

(de Sekretär kennt ran mat villen weidere Präisser)

SE: Hei gëtt et nach vill méi Kultur-Präisser!

KM: Gutt Iddi! Präisser fir jiddvereen!

(Degouté Nossschnaps kennt op d'Bühn)

DN: Ech géif mäi Preis gär tauschen, an zwar...

Een Zuschauer: Ech well och e Präis, ech hunn och naicht gemeet.

Bastienne Kalzong: Ech sinn dobäi!

KM: Séier, nach méi Präisser.

MM: Hei, Moment, hei kreie just Leit Präiser, déi en och verdéngt hunn.

KM: Méi grouss Präisser, séier! D'Saach flitt op. Hei, Gratulationen fir är Leeschtungen lescht Joer fir eis Kultur.

Kulturpublikumspersoun: Juchu!

Een Zuschauer: Ich nehme diesen Preis nicht an.

MM: Raus mat der Sprooch, dat hei ass eng Farce!

KM: Et ass alles net sou schlëmm, dat geschitt heiansdo, wann een sech ëm sou vill aner wichteg Saachen ze këmmere huet. Dann verléiert een eben heiansdo den Iwwerbleck. Sou, an lo gëtt et Champes!

Alle: Yeah!

(si gi raus, just den Tennis-Star bleibt zeréck.)

M: Mir goufen all rageluecht. Eis gouf Kultur ouni Kultur, Konscht ouni Konscht verkaf, an et huet en plus nach gutt funktionéiert. Des ganz Opféierung ass eng Farce, dat muss Konsequenzen hunn.

KM*(Kennt nees vu baussen ragelaaf):* Ah nee, stoppstoppstopp, dei moraliséierende Speech kommen hei am Land ëmmer nach vu mir. Fort mat dir, géi zeréck bei den Raquetten.

(Tennis-Star verléisst d'Bühn, KM stellt sech hannert de Riednerpult)

Léif Zuschauer, dir Dammen an dir Hären, *(grouss dramatesch Paus)*

Mir debattéieren lo iwwer den Rapport zum Kulturjoer zënter enger gudder Zait. Ech hunn während bal 2 Stonnen zu deene Virwerf geschwat. Ech sinn do op all déi Virwerf agaangen. Ech hunn erkläert, wou ech mengen dat ech Feeler gemaach hätt an ech hunn erkläert firwat ech dëst an dat net gemaach hunn oder net konnt maachen. Ech muss leider feststellen, dat déi Explikatiounen déi ech ginn hunn net op eng unanime, spontan compréhension gestouss sinn.

Ech stelle fest, dat eng Montioung abruecht gouf, fir mir d'Veutrauen ze entzéihen. Ech stelle fest, dat och de Moderator vun dëser Show eng Motioung abruecht huet, déi erkenne leisst, dass hien mat deenen Explikatiounen, déi ech hei ginn hunn, net averstaane ass, jiddverfalls net dovun iwwerzeegt ass. Ech stelle fest dass déi meeschten Leit net op dat agaange sinn, wat ech gesot hunn. Ech stellen och fest, dat eng iwweraus grouss Majoritéit vun dësem Haus erkenne leisst, dat se mengen et misst e Neiufank oder virgezunnene Ännerungen hei am Land, eh, an am Konschtsektor stattfannen. Ech menge mir kënnen lo nach stonnelaang diskutéieren. Ech hätt mer ni virstelle kënnen, dat ausgerechnet e schwulen Tennis-Star mir lo ee Fouss stellt. Hätt ech mer an 25 Joer Zesummenaarbecht mat Stars net virstelle kënnen, stellen awer fest, dat an der Motioung vun eben dësem Tennis-Star net op dat agaange gëtt wat ech gesot hunn, mee dat ënnert der Form als Motioung kennt, wat souwiesou geplangt war. Well dat sou ass, sinn ech der Meinung, mee ech hunn naicht doriwwer ze soen, dat mer eis debatt eigentlech kënnen ophalen. Ech convoqueieren d'Regierung fir muer de Moien 10 Auer, an ginn duerno an de Palais fir dem Grandduc en Neiufank virzeschloen.

Nominéiert fir den Neiufank sinn:

De Bernard Box, d'Degouté Nossschnaps, d'Sophie Beck an d'Bastienne Kalzong.